Den Andy (Klassement D2) konnt sech an senger Grupp géint 2 aaner D2 Spiller duerch setzen. Soumat as hien als Geweënner vun senger Grupp an den 2. Tour komm. Hei kruut hien et mat 3 Géigner ze dinn, déi all méi staark klasséiert waren wéi hien. Hien huet gudd gespillt mee misst sech schlussendlech mat 1-3 an zwee Mol 0-3 geschloën gin.

Gecoacht goufen sie allen 2 vum Patrick Hebertz. Him ee groussen Merci fir sain Asatz.







Bei den Juniors war den Daniel Bertemes (Klassement B1) ugetrueden mam Ziel sech fir d'Final den 28. Januar ze qualifizéieren. An der Grupp kruut hien et mat engem B2, engem B1 an engem A3 Spiller ze din. Déi éischt 2 Matcher konnt hien mat 3-1 resp. 3-0 fir sech entscheeden. Domat war schon kloër dass hien sech fir d'Final qualifizéiert hätt. Den läschte Match huet hien sech mat 1-3 géint den Favorit missten geschloën gin. Am Januar steet den Daniel dann an der Final vun den beschten 12 Spiller aus senger Altersklass. Gecoacht gouf hien vum Marc Remy. Him ee groussen Merci.



## Den Eric beim Badener AC

Den 1. September as d'Saison an der 1. Bundesliga an Eisterraich lass gaangen. Vill vun den Equipen hun sech verstäerkt, sou dass den Niveau nach mol méi héich as wéi an der vergaangener Saison.

Den Eric an seng Matspiller hun folgend Resultater erspillt :

| | |
|---|---|
| Baden AC- TTC Raiffeisen Kuchl | 4-2 |
| Baden AC- SPG Felbermayr Wels | 1-4 |
| TTC Wiener Neustadt- Baden AC | 4-2 |
| Baden AC- UTTC Raiffeisen Kennelnbach | 3-3 |
| Baden AC- UTTC Sparkasse Salzburg | 1-4 |
| SPG Linz- Baden AC | 4-1 |

No 6 Ronnen steet den AC Baden op der 7. Plaaz vun 8 Equipen. Den Eric haat och keen einfachen Start an d'Saison an huet zu desem Moment eng Eenzel Bilanz vun 1-5 an eng Dubbel Bilanz vun 3-2.

Des Saison gin d'Heem Matcher an engem fonkelnei renovéierten Dëschtennis Sall zu Baden gespillt, deen rezent ageweiht gin as.





34 Badener Zeitung SPORT

# Eröffnung mit Licht & Schatten

**Remis und Niederlage in renovierter Tischtennis-Halle**

**TISCHTENNIS. - Nach den umfrangreichen Umbauarbeiten feierte der Tischtennis-Halle feierte der Badener AC die Wiedereröffnung mit einem Heimspiel vor gut 100 Besuchern. Aus sportlicher Sicht verlief es jedoch wie Licht und Schatten.**

Der Badener AC Tischtennis hat, wie man selbst sagt, einen „Meilenstein in Richtung „schönste und familiärste Tischtennis-Halle Österreichs" gemacht. „Der Badener AC kann nun mit Recht behaupten, in einer der modernsten, schönsten und trotzdem familiärsten Tischtennishallen Österreichs seine Heimstätte zu haben", freut sich Vereinsobmann Andreas Meixner. Nach den Umbauarbeiten wurde die renovierte Tischtennis-Halle nun mit dem Heimspiel gegen den direkten Tabellennachbarn UTTC Kennelbach eröffnet. Wie erwartet entwickelte sich dabei von Beginn an das erwartet enge Duell. „Die Spiele waren auf hohem Niveau und konnten die Fans bis zum Schluss begeistern", berichtet Meixner. Gleich die ersten vier Spiele mussten in den „Decider". Zweimal hatten die Vorarlberger das bessere Ende für sich und zweimal die Badener. Amin Ahmadian brachte dabei den BAC in Führung, ehe sich Dastan Kenzhigulov und Eric Glod knapp geschlagen geben mussten. Ahmadian/Glod konnten im anschließenden Doppel zuerst einen Matchball abwehren und dann die Partie noch drehen. Die Fans tobten und feuerten die Badener lautstark an. Danach legte Ahmadian mit einem 3:1 gegen Simon Pfeffer erneut vor, Patrik Juhász musste sich danach aber geschlagen geben und es blieb bei einem gerechten Unentschieden - 3:3.

Einen Tag später, erneut zu Hause, trafen die Badener auf den aktuellen Tabellenführer UTTC Salzburg. Gegen die starken Salzburger, die sich mit dem ehemaligen Badener Noppenkünstler Amirreza Abbasi und dem 16jährigen japanischen Top Talent Kazuki Yoshiyama verstärkt hatten, war aber nicht viel zu holen. „Beide Mannschaftsführer pokerten bei der Aufstellung und überraschten sich damit gegenseitig", berichtet Meixner. Am Ende musste sich der BAC mit 1:4 geschlagen geben.

Dastan Kenzhigulav, GR Florian Haslwanter, Patrik Juhasz, Eric Glod, GR Anne Saas, Andreas Meixner, StR Stefan Eitler und Armin Ahmadian.



## Den DT Wëntger op der Sportleréierung vun der Wëntger Gemeng

Den 22. September war d'Sportlerehrung zu Wëntger am Centre culturel.

Mat dobai waren och eng Reih Spillerinnen an Spiller vum DT Wëntger.

**Hei déi verschidden Sportler an hier Leestungen fir déi sie geéiert gin sin :**

Seniors 3 :
Opstieg an déi 3. Divisioun
(Roby Post, Christian Lis, Jos Winkin, Daniel Remy, Pit Sinner, Anouk Miny)

Cadets 1 :
1. Plaaz an der 5. Divisioun
(Andy Hebertz, Rafaël Van Mierlo, Joé Schmitz, Stefan Reff, Jo Thill, Max Kremer)

Daniel Bertemes :
3. Plaaz Landesmeesterschaften Kat. B Häeren Eenzel

Lynn Stoltz :
1. Plaaz Landesmeesterschaften Kat. C Dammen Dubbel

Jonas Andrzejewski :
3. Plaaz Regionalmeesterschaften Kat. A/B1 Eenzel

Max Schweich :
3. Plaaz Regionalmeesterschaften Kat. D2/D3 Eezel

Eric Glod :
Landesmeester am Häeren Eenzel an Dubbel
Goldmedaille am Dubbel Häeren bei den Spiller vun den klengen Länner
Sëlwermedaille am Eenzel bei den Spiller vun den klengen Länner
Sëlwermedaille an der Equipe bei den Spiller vun den klengen Länner

Sie all kruuten op der Bühn en Diplom an ee klengen Kado als Unerkennung fir hier sportlech Leestung an der Saison 2022-2023 iwwerreecht.






LIFE'S JUST A BIT
BETTER WITH A DROP
drop.
NORDIC® DESIGN SHOP +


www.niessen.lu
MADE IN LUXEMBOURG
Sélection
NIESSEN
QUALITÉITSFLEESCH VUN HEIHEEM
N
NIESSEN
DEPUIS 1982
DAT BESCHTE FLEESCH VUN HEIHEEM
traditionell vum Metzlermeeschter verschafft an op der Karkass geräift
N
TROISVIERGES
103 GRAND-RUE | L-9905 TROISVIERGES
☎ 99 81 03
LUXEMBOURG BELAIR
137 AV GASTON DIDERICH | L-1420 LUXEMBOURG
☎ 44 65 45
BERTRANGE
10 RUE DE LUXEMBOURG | L-8077 BERTRANGE
☎ 31 20 80

# Judo News

JUDO
WINCRANGE

## 8.-13. September : Brno Cup (CZE)

Darlène a Jérémy si vum Nationaltrainer Sascha Herkenrath fir d'Turnéier zu Brno an den uschléissende Stage nominéiert ginn. Leider verléieren si béid den éischten Tour a sinn direkt raus. Jérémy verletzt sech bei sengem éischte Kampf um Réck. Soumat kann hien de Stage net matmaachen. Et stellt sich spéider raus, dat hie fir mindestens 2 Méint ausfält.

## 22. September: Sportleréirung

Den 22. September huet “Fit a Gesond Wëntger” op d’Sportleréierung agelueden.
Vill Sportler goufen fir hir Leeschtungen am Joer 2022-2023 geéiert.

Dorënner waren o eng Rei Judoka:

**U9**
Bryan Gomez
Beby Kieffer
Luisa Keipes
Nolan Philippe

**U11**
Gabriel Marinho
Hussein Al Isawi
Ilay Philippe
Xenia Arent
Amin Saidi
Clément Lucas

**U13**
Charleen Serrig
Mehmed Jusufovic
Imram Jusufovic
Thierry Neu
Philippe Schares
Adam Ajdinovic

**U15**
Maja Stankiewicz

**U18**
Manon Couque
Darlène Nghufang
Ebby Bendels
Emily Spaus
Jérémy Valentin

**Seniors**
Kris Clees

Mir soen “Fit a Gesond Wëntger”
Merci fir d’Unerkennung vun eise gudde Resultater. Merci och fir dee schéinen Owend.







## 6.-8. Oktober: Munich Mixed Teams

Zesumme mat engem franséischen Team vu Metz fiert eng lëtzebuergesch Delegatioun vu 6 Athleten op de Munich Mixed Teams U17. Manon Couque vum Judo Club Wëntger war Member vun dësem Team.

Samschdes gouf bei engem Turnéier gekämpft. An der Virronn kämpft dës Lëtzebuerg/Frankräich-Ekipp géint 5 aner europäesch Ekippen: Slowakei, Slowenien, Bayern, Éisträich a Serbien. Géint d’Slowakei, Slowenien a Bayern kann eis gemëschten Ekipp gewannen. Géint Éisträich a Serbien mussen si sich geschloe ginn. Mat 3 gewonne Ronne kommen si an d’Véierelsfinall. Leider verléieren si hei géint d’Belsch.



Sonndes hunn d’Athlete vun 10 verschiddenen Natioune mateneen trainéiert.

Den Nationaltrainer war ganz zefridde mat de Performancë vu sengen Athleten.

(Foto: Sascha Herkenrath)

## 9. Oktober: Scheckiwwerreechung zu Gonschten vun der Fondatioun Kriibskrank Kanner

Méindes, den 9. Oktober, hat de Judo Club Wëntger déi grouss Freed, d'Madamm Weimerskirch Denise vun der Fondatioun Kriibskrank Kanner fir eng Scheckiwwerreechung ze empfänken.

Si gouf begleet vum Tom a sengen Elteren. Beim Tom gouf am jonken Alter Kriibs diagnostizéiert. Hien konnt geheelt ginn an haut setzen hien a seng Famill sech an, fir anere Kanner ze hëllefen.

Madamm Weimerskirch huet eis puer Informatiounen iwwert d'Associatioun ginn. D'Associatioun gëtt net vum Staat subventionéiert, well si hir Autonomie behale wëll. Sou garantéieren d'Mataarbechter vun der Associatioun, dat si séier Entscheedungen treffe kënnen. Doduerch ass d'Associatioun awer o op déi generéis Done vun de Leit ugewisen.

Am Joer 2022 hunn si 303 Familen ënnerstëtzt. Eng multi-professionell Ekipp suergt dofir, dass d'Famille psycho-sozial, administrativ a finanziell gehollef kréien. D'Fondatioun huet och en Haus zu Bréissel, wou betraffe Famille während der Behandlung vum Kand gratis wunne kënnen.

D'Madamm Weimerskirch huet eis erschreckend Zuele genannt. 1 vun 300 Kanner op der Welt erkrankt u Kriibs. Fir Kanner ze hëllefen, gëtt et nëmmen 3 ënnerschiddlech Medikamenter. Fir Erwuessener dogéint gëtt et der 80. D'Fondatioun setzt sich aus dem Grond och fir d'Recherche bei Kannerkriibs an. Madamm Weimerskirch huet ënnerstrach, dat si de Label „Don de confiance" hunn. Mat dësem Label ass garantéiert, dat all Su richteg genotzt gëtt.

Carlo Clees, Präsident vum Judo Club Wëntger, huet der Madamm Weimerskirch Merci gesot, dat si op Wëntger kommen ass, fir de Scheck entgéint ze huelen. Sandra Spaus huet als Member vum Comité erkläert, dat d'Sue beim „Activity Camp" gesammelt goufen. Am Summer huet de Judo Club Wëntger an Zesummenaarbecht mat der ENEPS an der FLAM Judo hiren 2. Activity Camp vum 24. bis de 26. Juli organiséiert. All Dag hunn ongeféier 35 Kanner tëschent 8 an 12 Joer dorun deelgeholl. Sylvie Bach vun der ENEPS war zoustänneg fir d'Aktivitéiten a gouf vun den Trainer a puer jonken Athleten aus dem Club ënnerstëtzt. Als Participatioun fir de Stage goufe pro Dag 5 € gefrot.

Soumat war de Judo Club Wëntger ganz stolz der Associatioun Kriibskrank Kanner 500€ ze iwwerreechen. No der Scheckiwwerreechung gouf am Dojo eng Foto gemaach. D'Trainer André a Jacek hunn de Leit an de Kanner puer Technike gewisen. Uschléissend gouf sech bei engem gudde Patt ënnerhalen.








## Save the date

Den Judo Club Wëntger ass den 10. Dezember 2023 vun 11:00 - 18:00 um Cliärrwer Chrëschtmaart. Kommt op Clierf e schéine Moment mat eis verbréngen!

## 6. + 7. Januar 2024: Turnéier zu Wëntger

Eise Club organiséiert Ufank Januar engt Turnéier fir Athlete vun U9-U18. Halt Iech dësen Weekend fräi a kommt eis Athleten ënnerstëtzen!









Création et Fabrication en bois

www.Menuiserie - Reckinger.com

L-9638 POMMERLOCH

Tél. 26 950 110

SHOWROOM

Mo/Lu - Fr/Ve: 10:00-12:00 & 13:00-17:00 • Sa & So/Di op rdv














Bei eis fannt Dir flott Kaddosiddien




# Aweiung van der Mini-Bëschcréche zu Boxer





E Freidig, den 27. Oktober war zu Boxer éng kléng Aweihung van der Mini-Bëschcréche zu Boxer. De Buurgermeester Luss Meyers hatt d'Gäst all häerzlich Wëllkomm geheescht. Et war dëst éng kléng a spontan Aweihung. D'Iddii fer éng Bëschcrèche an eiser Geméng an d'Liewen ze ruffen war schonns méi lang an onsen Käpp. Am Fréijoer gouf dës Iddii spontan obgegraff an et gouf gekuckt wat hei zu Boxer machbar ass. Hei an dësem Gebäi war jo schons vira Joeren de Benjamin-Club Doheem. No Kontakt mat der „Oberbehörde" gouf et dunn ëmgesaat.

Am Mäerz gouf et den Duerreflékten erklärt wat hei geplangt ass. Den Service Technique van der Geméng mat den Responsablen Keup Jacques an Schenk Marc hann et dunn komplett a séier ëmgesaat, ouni Hëllef van baussen. No Afschloss van den Aarbichten koum bannend kurzer Zäit den Agrèment vam Ministär. An esou konnt d'Minicréche den 3. Oktober hir Diir obman, virdran gouf awer na éng kléng Spillplatz viran der Dir installéiert.



Ee Merci gong seitens dem Buurgermeester an déi Responsabel van der Maison Relais Wëntger, an de komplette Service Technique van der Geméng Wëntger mat hiren Responsablen, an de Ministär fer hir séier Anerkennung, de Veräiner van Boxer ee spezielle Merci, si kruten aner Räimlichkeeten, an d'Propriétairen van eenzelen Bëscher a Felder fer hir Akzeptanz a Matman zu dësem Projet, an de Wëntger Geméngerot a zum Schluss ee Merci an d'Noperen.

Als Responsabel van dëser Bëschcrèche hatt d'Mme Ramona Gales Merci gesot fer d'Vertrauen van der Direktioun dat an si gesat gouf. D'Kanner haten dës Bëschcrèche séier akzeptéiert, si hatt den Dagesaflaf erklärt an déi eenzel Spiller oder Spillsachen fannen d'Kanner am Bësch. Bis elo koumen kéng Kloen seitens de Kanner oder van hiren Elteren, wou éng gudd Zesammenaarbicht besteet. Zum Schluss hatt si hir Équipe virgestallt.

Nom Durchschneiden vam Strauch konnten d'Gäst all een Ablék huelen wéi dat Gebäi bannen agepasst gouf.

Text a Fotos: Jeff Engelen







# Schéckiwwerrechung zu Brotebaach





Am Kader vun enger flotter Feier hunn d'Veräiner vu Brotebaach der Trisomie 21 Lëtzebuerg asbl e Sonnden, den 1. Oktober een Schéck iwwer 10.415,95 € iwwerrecht.

D'Catalina an den Tom hunn dësen generéiesen Don stellvertriedend fir d'Asbl entgéint geholl.
Dës 10.415,95 € ass den Benefice vum traditionellen Bauerefest zu Brotebaach den 14. Mee 2023.

D'Asbl Trisomie 21 fënnt dat eng immensflott Initiativ a seet op dëser Plaatz all de Brotebaacher Veräiner, Duerfläit a Sponsorën ee grousse Merci.



D'Associatioun sëtzt sech dofir an, Persoune mat enger Trisomie 21, sou wéi och hirt Ëmfeld op all Niveau ze ënnerstëtzen, fir daat sie ee méiglechst autonom Liewen kënne féiheren. Fir dësen Asaatz as d'Asbl op all Don'en ugewissen.

**Merci fir Aer Ënnerstëtzung!**
**G.S**






ASSURANCE SANTÉ MEDICIS

Optez pour une **couverture complète pour vos frais d'hospitalisation et frais ambulatoires** comme l'ostéopathie, la chiropractie ou la médecine chinoise. Rendez-vous sur **medicis.lu** ou chez votre **agent Foyer**.

NESER & REUTER



**Agence Principale d'Assurances**
46, Haaptstrooss – L-9752 Hamiville
Tél.: 99 47 65 / 691 621 677
neser-reuter@agencefoyer.lu

Einfach fir Iech do

Foyer.lu

Produit distribué par Foyer Santé S.A., 12 rue Léon Laval, L-3372 Leudelange



# Bingo-Nomëttig zu Asselbuer









Org. Den Duärefatelier Aasselburren a.sb.l

(een Fotoreportage vum Guy Scholzen)

# Fëschfest 2023







Och dëst Joer, konnten mir eech erëm op eisem Fëschfest am Sall zu Helzen zervéieren. Mat dem ASW Express hon mir ewer och während 2 Deeg ronn 120 Menüer ausgeliwert.

An der Kichen gouf wéi all Joers vill geschafft, an wann och néck alles esou geklappt haat, wéi daat geplangt gouf, soën mir eech all Merci fir déi vill Ënnerstëtzung an hoffen, dass mir eech all d'nächst Joer erëm zu Helzen empfänken kënnen.













Bleift weiderhin all gesond.
Supporterclub ASW

# Indian Khazana

## -Chef Ravi-

**Restaurant avec cuisine indienne**

Veuillez réserver votre table:
**26 91 43 21 • 661 901 512**
**matonge@pt.lu**

101, Haaptstrooss • L-9780 Wincrange

Nous offrons nos plats aussi en take-away.

Suivez-nous sur Facebook:
**Auberge Matonge - Indian cuisine**



ÄR SECHERHEET
**SECURITY**

27, Avenue de la Gare
L-9540 Wiltz

T +352 27 27 07 09
G +352 691 596 521

info@as-security.lu
**www.as-security.lu**

Sicherheit ist bei jeder Veranstaltung, ob groß oder klein, von entscheidender Bedeutung.

Bei Är Secherheet Security verfügen wir über ein Team von qualifizierten und erfahrenen Sicherheitsleuten für Veranstaltungen, die mit jeder Situation umgehen können.

Wir werden mit Ihnen zusammenarbeiten, um einen Sicherheitsplan zu entwickeln, der genau auf Ihre Bedürfnisse zugeschnitten ist und die Sicherheit Ihrer Gäste gewährleistet.

Unsere Beamten sind darauf geschult, mit der Kontrolle von Menschenmengen, Aggressionen und Konflikten umzugehen.

Sie können also sicher sein, dass Ihre Veranstaltung sicher und geschützt ist.

Kontaktieren Sie uns noch heute, um mehr über unsere Sicherheitsdienste für Veranstaltungen zu erfahren.



**Bouchbestellung**




Dëse Fotoband beinhalt éng ronn 248 wëll Déiere- a Vullefotos;
dëst van 69 verschiddenen Déierenarten, déi an eiser Geméng Doheem sënn.

Bestellen kann Däer dëse Fotoband mat der Iwerweisung van 28 € op folgende Kontosnummer:

CCPLLULL: LU38 1111 1061 3618 0000

vam Jeff Engelen mam Vermierk „Wëll Déieren“

Merci villmols am Viraus



Café - Restaurant
an der Schleef

Café - Restaurant
an der Schleef
an der Schleef n°3
L-9654 Schleef

Tel: 00352 26 95 43 86

info@anderschleef.lu

# EuroSkills Gdansk 2023

## # United By Skills - We can change the World





Unter diesem Motto fanden die EuroSkills dieses Jahr in Danzig statt. Unter den 600 Teilnehmer war Luxemburg mit einer 14-köpfigen Delegation, darunter auch Sophie Scholzen aus Heisdorf angetreten.

Sophie Scholzen vertrat die luxemburgischen Farben in der Kategorie „cuisine“ und belegte mit rund 685 Punkten unter 25 Teilnehmern einen sehr guten Mittelfeldplatz.

Die EuroSkills, welche alle 2 Jahre stattfinden, ist die größte Veranstaltung für berufliche Bildung und Exzellenz in Europa.



Dieser europäische Wettbewerb wird von WorldSkills Europe zusammen mit 32 Mitgliedsländern organisiert und bringt Hunderte von jungen Berufstätigen aus ganz Europa zusammen, welche die Chance haben, in ihrer gewählten Fähigkeit der resp. die Beste von Europa zu werden.

Bei dem diesjährigen Wettbewerb in Danzig nahmen rund 600 qualifizierte junge Fachkräfte unter 25 Jahren in 43 Berufen teil.



Die vielen Besucher des Wettbewerbs konnten alle Teilnehmer in Aktion beobachten und hatten die Möglichkeit bei den vielen „Try-a-Skill“ -Vorführungen praktische und berufsbezogene Fähigkeiten auszuprobieren. Die fast 10.000 junge Menschen im schulpflichtigen Alter, welche zu Besuch kamen wurden ermutigt, ihre Leidenschaften zum Beruf zu machen.

Die luxemburgischen Teilnehmer an den EuroSkills repräsentierten die besten ihrer Kollegen auf nationaler Ebene und wurden ausgewählt um an diesem Wettbewerb teilzunehmen, nach dem sie an nationalen Wettbewerben teilgenommen hatten, welche in den Mitgliedsländern von WorldSkills Europe abgehalten wurden.





Während den Wettbewerbstagen wurden die EuroSkills Teilnehmer aufgefordert, ein Testprojekt oder eine Reihe von technischen und praktischen Aufgaben innerhalb eines engen Zeitraumes abzuschließen.

Diese Projekte erforderten komplexe und technische Kenntnisse und Fähigkeiten, die die jungen Menschen durch ihr Studium sowie ihre Ausbildung am Arbeitsplatz erlernten und beherrschten.

Die EuroSkills Gdamsk 2023 wurden in Partnerschaft von der polnischen Stiftung für die Entwickelung des Bildungssystems (FRSE), WorldSkills Poland, WorldSkills Europe, der Stadt Danzig und der AMBEREXPO Gdansk organisiert.





# EuroSkills Gdansk 2023

## 3 Fragen an die Euroskills Teilnehmerin Sophie Scholzen



**Welches waren deine Eindrücke der EuroSkills 2023?**

Der ganze Wettbewerb war schon sehr beeindruckend, die Organisatoren hatten ja nur 15 Monate Zeit um dieses Megaevent zusammenzustellen, so sollten die Euroskills 2023 ursprünglich in St. Petersburg stattfinden, da aber Russland die Ukraine überfiel wurden dann Sicherheitsvorkehrungen getroffen und so wurde die Stadt Danzig als Austragungsort zurückbehalten. Während den Wettbewerbstagen stieg die Spannung immer weiter, so musste man in den riesigen Hallen den anderen Mitstreitern, den Experten und den zahlreichen Zuschauern zeigen wozu man fähig ist.

Die Eröffnungsfeier, der Wettbewerb, die Stadt Danzig sowie die Closing Party mit sämtlichen 600 Teilnehmern aus ganz Europa in der „Polsat plus Arena" wird mir immer in sehr guter Erinnerung bleiben.





**Was waren deine Aufgaben und Themen während des Wettbewerbs?**

Ich musste an den 3 Tagen nach festen Vorgaben verschiedene Gerichte zubereiten. Das erste Menü, welches ich kochen musste, war eine klassische französische Bouillabaisse mit einer „Rouille" und frischen Grissini, als Hauptgang stand eine Tortilla mit einer Zwiebelcreme sowie einer Variation von Gemüse auf dem Programm.

Am 2. Wettbewerbstag musste ich Cromesquis (polnische Croquetten) zubereiten, diese wurden mit einer Béchamelsauce und geschmorter Ente gefüllt, als Beilage musste ich einen Blumenkohl „royal" mit einem Spinat-, Apfel-, Kresse Püree herstellen. Als Dessert servierte ich eine Pfeffer Panna cotta mit gebackenem Sellerie.

Am letzten Wettbewerbstag musste ich einen Hirsch „Wellington" mit Pommes Dauphine vorbereiten, als Dessert stand eine Tofu-, Zitronen-, Orangencreme sowie ein glutenfreies Kichererbsen Biskuit auf dem Speiseplan. Zu Schluss fand noch eine mündliche Prüfung statt.





**Würdest du jungen schulpflichtigen Menschen raten einen Beruf zu erlernen?**

Junge Menschen, welchen ein Handwerk erlernen wollen, sollten dies auf jeden Fall tun. Vorurteile, wie das geringe Anfangsgehalt, du musst im Beruf hart arbeiten, oder Aussagen wie z.B. du arbeitest in dem Beruf immer zu unregelmäßigen Arbeitszeiten, soll man einfach ignorieren.

Gerade bei der Ausbildung zum Koch, kann man mit dem Erlernten, der Vielfaltigkeit seiner Kreativität freien Lauf lassen. Ich konnte während meiner Ausbildung im EHTL sehr viel lernen. Bei den Praktika hier in Luxemburg (Restaurant du Château in Clervaux, dem Restaurant El Toro Meat Club in Wemperhardt) oder in Österreich (5 Sterne Sock Resort in Finkenberg) konnte ich viele Erfahrungen sammeln und zahlreiche Freunde fürs Leben gewinnen.

G.S




SCHAUS SARL
ATM

www.schaus-atm.lu

Online bestellen, bequem an zu jider Zeit.

Groussgaass 43, L-9641 BRACHTENBACH
Tel: 99 43 12 / Fax: 94 93 06 / GSM Romain: 621 143 554
transportschaus@hotmail.com

WAGNERTECH

ALLES AUS ENGER HAND.



chauffage
sanitaire
ventilation
climatisation
systèmes de sécurité

réseaux informatiques
électricité
régulation & automation
facility management
énergies renouvelables

Nos spécialistes
des techniques du bâtiment :

T: +352 84 92 03 1
M: contact@wagnertech.lu

WAGNERTECH.LU

WAGNER BUILDING SYSTEMS
CHAUFFAGE SANITAIRE SCHMIT NICO
FD ELECTRIC
CTTL
WAGNER Facility Management
Lux-Power GmbH Electro Experts
WAGNER COOLING SYSTEMS
WAGNER HOME SYSTEMS

# LAR (Luxembourg Air Rescue)

## Ee flotten an interessanten Info-Owend mam Grënner a Pionéier van der Lëtzeburger Air Rescue, dem Här René Closter



E Freidig, den 20. Oktober war am Kulturzentrum zu Wëntger een ganz interessanten Info-Owend mam Grënner van der Lëtzebuerger Loftrettung, dem Här René Closter. Mat séngem „Eisléker Klatzkapp" hatt heen d'Rettungswiesen zu Lëtzebuerg revolutionnéiert. Dësen Event gouf moderéiert vam Raoul Roos.

Den Här René Closter hatt aus séngen Erfahrungen gezallt speziell aus der Afangsphase awer o wéi d'Loftrettungswiesen mat den Joeren obgestallt gouf. D'Afangsphase war nik esou einfach. Als Beruffspompjee hatt heen séng éischt Erfahrunge gesammelt am Rettungswiesen, déi Zäit gouf et na keen Samu. Ob Grond van dësen Erfahrungen, speziell awer o, datt ee klénge Jong van Steesel een Been verluer hatt an nik zur Zäit an d'Spidol koum, hatt hien décidéiert, dat et an der Zäit wär zu Lëtzebuerg een Loftrettungswiesen an d'Liewen ze ruffen. Déi Zäit war alles géint dës Iddii, speziell mat däer deemoliger Regierung hatt mussen schwéier „gekämpft" ginn, déi wollten dovan näischt wassen. Mee mat Kolleegen gouf dunn trotz Widderstand van uewen dëst am Joer 1988 an d'Liewen geruff. Afanks (1989) gouf op een geléinte Helikopter zréckgegraff, dofer hatt de René, fer dat Finanziell ze stäipen, éng Hypothéik op sein Privathaus androen gelooss. Mee déi éischt Genehmigung seitens der Regierung hatt op sech warden gelooss, mee mat der „Drohung" van éngem „eegenartigen" Dossier deen an d'Presse sollt goen koum dunn esou lues Beweegung an d'Sach. Afanks duerften se nëmmen fléihen van Spidol zu Spidol. Um Findel gouf hinnen kéng Hall zur Verfügung gestallt mee en Zelt haten si sech ageschafft.

Mat de Joeren gouf d'Flott ëmmer méi moderniséiert an ausgebaut. De Widderstand van uewen eraf ass lues a lues verschwonnen an hokt zu Daags ass éng grouss Anerkennung do. Am Joer 1991 gouf éng Konventioun mam Banneministär ënnerschriwen wou den LAR an den Samu Rettungsdingst intégréiert gouf.

Hokt ass dat ganzt Rettungswiesen aus der Loft finanziell nik aleng ze droen mat Subsidien a mat Membersgelder, duerfer gouwen Ënnerorganisatioune gegrënnt fer Geld ze verdingen.

D'LAR hatt hokt ee grousst Aufgabengebiet a se sënn hokt praktisch Weltwäit aktiv. Dat geet van Patienteheemhuelung aus allen Länner van der Welt bis iwwer Organtransporter, Humanitärasätz asw.

D'Haaptaufgaben ginn praktisch zu allzäit garantéiert an dat bleiwt: Si sënn do fer den Lékten an Nout ze hëllefen. Dat bedingt dat si, wat den Fliger oder Helikopter abelangt ëmmer mussen um neisten Stand van der Technik sënn awer o, dat medizinischt Equipement ass o ëmmer um neisten Stand, et ass praktisch een Opératiounssaall an der Luucht. Et geet drëm fer een Dokter séier op d'Plaatz ze bréngen an de Patient ze stabiliséieren, dat gëtt assuréiert praktisch ënner 10 Minuten egal wou am Land. Dat bedingt awer o datt d'Personal praktisch muss allzäit geschult ginn a vill Traininger mussen afgehalen ginn.

Den Här René Clostzer hatt o eenzel perséinlich Erfahrungen mat op de Wee ginn, mat perséinlichen Mercien awer o mat Asätz a Régiounen wou no énger Noutlandung sein Leewen um Spill stong.

Dat ganzt ass hokt éng Organisatioun van iwer 180 Mataarbichter dat geet van Piloten bis iwer Dokteren, technischt Personal fer d'Wartung van den Fligeren an dem medizinischen Equipement, administrativt Personal asw. D'LAR zällt hokt iwer 180 000 Memberen.

**D'Haaptaufgaben van der LAR:**

- Berodung an Betreiung van LAR Memberen am Ausland bei medizinischen Noutfäll,
- Organisatioun van weltweiten Patientetransporter van Klinikbett zu Klinikbett mëttels Ambulancefligeren, Linnenfliger oder mat der Ambulance,
- Medizinischt Fachgespréich mam behandelten Dokter am Ausland, genau Diagnose a Feststellung van der Transportfähigkeet vam Patient, kompletten medizinischen Bericht an den Dokter oder Infirmier déi den Ambulanceflug betreien,
- Flugvirbereedung mat Afklärung van der géopolitischer Lag, den Iwwerfléiungsrechter, Landegenehmigungen an Planung van den Tankstopps a wékderen technisch Daten,
- Zesammenarbicht mat internationalen Loftrettungsorganisatiounen fer d'Loftrettung esou séier ewéi méiglich kannen durchzeféieren,
- Organistioun a Koordinatioun van Organtransporter a ganz Frankreich mat Ausnahm van der Stad Paräis,
- Organisatioun a Koordinatioun van internationalen humanitären Asätz am Rahmen van emergency.lu an dëst an Zesammenarbicht mat der lëtzeburger Regierung, der Nato oder den vereenten Natiounen.

Am Nam van der Geméng hatt den éischten Schäffen Alex Thillens dem Här René Closter een häerzliche Merci ausgedréckt fer all séng Initiativen am Interessi van der Saach, an zwar der Mënscheliewen Rettung aus der Loft. Ee Merci an dat ganzt Team van der LAR, all Asatz gëtt rouig eriwer bracht. Wat een eventuellen neien Hangar am héichen Norden abelangt esou kann den LAR mat der Ënnerstëtzung van der Geméng Wëntger rechnen, een neien Hangar am Kanton Cliärref drängt sech op well zu Ettelbréck eenzel hoktig Sëcherheetspunkten nik méi ganz der Gesetzgebung gerecht ginn.
Zum Schluss hatt de Präsident van der Amicale CIS Wëntger Jean-Claude Kreutz dem Här René Closter als Erënnerung an dësen Owend d'Wëntger Pompjesbouch iwwerreecht. Als Ëlwenter Jung dierft heen eenzel Gesichter aus dësem Bouch erëm erkennen.

Text a Fotos: Jeff Engelen








Mazout - Diesel - Huile - Pétrole
premium
Argos Premium Mazout
Argos
Oil
Mazout
BOVÉ
BRACHTENBACH
99 45 90
www.bove.lu


exepro
PRINT & PACKAGING
Broschüren
Bücher
Geschäftsdrucksachen
Umschläge
Verpackungen
Post-Verteilungen
Großformatdruck
Beschriftungen
Lokal kaufen,
lokal drucken!
TROISVIERGES
+352 99 70 98 1
exepro.lu


RUCKEN
ELECTRICITE & ECLAIRAGE
MADE IN
LUXEMBOURG
Electricité générale
Eclairage
Systèmes de sécurité
Showroom
Dépannage
17, Marburgerstrooss
L - 9764 MARNACH
B.P. 27
L-9701 CLERVAUX
Tél. +352 26 91 05 27
Fax +352 26 91 05 28
Email info@rucken.lu
Site www.rucken.lu
Heures d'ouverture
Lu - Ve : 08.00 - 12.00
13.00 - 18.00
Sam : 09.00 - 12.00

# Commémoratiounsfeier an eiser Geméng



E Sonndig den 15. Oktober war déi dësjährig Commémoratiounsfeier am Land ewéi o an eiser Geméng an zwar dëst Joer zu Déierbich. D'Paschtéier Michael Müller an Fabcin Lubomir hann d'Mass gefeiert. Et géllt o no 78 Joer Gedénken an d'Affer obrecht ze erhalten. Esou een nationale Gedénkdaag hélleft ons o fer d'Zukunft wachsam ze bleiwen, Fräiheet a Fridden mussen ëmmer erëm op een neits erneiert ginn. D'Mass gouf gesanglich enkadréiert van der Chorale van Uewerwampich.

No der Mass war beim Denkmal op der Haaptstrooss déi offiziell Gedénkzeremonie. De Paschtouer Michael Müller hatt viram Gebied a Seegen vermierkt, datt vill Lékt hirt Leewen verluer hann fer eist Land a séng Fräiheet. Bloumen gouwen néiergelaagt ënnert de Kläng van der Sonnerie aux Morts virgedroen van der Wëntger Musik.

A Vertriedung vam verhënnerten Buurgermeester, deen am Ausland war, hatt de Schäffen Alex Thillens d'Wuert an déi Versammelt geriit: Hokt om nationale Kommeratiounsdag se mer hei zu Déierbich beieneen kommen fir all deenen ze Gedenken, déi an déi schrecklich Ereignisser vam 2. Weltkréich verwéckelt woren.

81 Joer sënn et hir, zanter datt zu Lëtzebuerg d'Journée de Commémoration nationale begangen gëtt.

Et wor 1946, also am 1. Joer nom Enn vam 2. Weltkréich wéi d'Regierung dëse Gedenkdag offiziell agefouert hott fir an déi schrecklich Kréichsjoren mat hire villen Affer an dat grousst Leed ze erënneren dat den Naziokkupant iwwert d'Land bracht hott.

Gläichzäitig sollt dësen Dag ewer och eng dankbar Erënnerung an d'Solidaritéit an de Courage vam Lëtzebuerger Vollik an de Joren 1940-1945 sënn.

Als Stëchdatum gouf den 10. Oktober gehollt well op deem Datum am Joer 1941 de Gauleiter als Chef van der däitscher Zivilverwaltung eng offiziell als « Pesonenstandsaufnahme » bezeechent Volkszählung durich gefouert hott. Et goufen de Lëtzebuerger Froen gestallt iwwer d'Nationalitéit, d'Sproch an zu wat fir engem Vollik sie sollten gehéieren. Iwwer 90 % hon op all Froen mat Lëtzeburrig geäntwert.

Den 10. Mee 1940 hot Nazi-Däitschland eist Land iwwerfallen. Mer goufen souzesoen annexéiert an mat der Hëllef vun einheimischen Kollaborateuren sollten eis Lëtzebuerger Sprooch an eis Gebräicher ofgeschaft gin.

Den 23. Mee 1940 han d'Männer a Fraen teschent 17 an 25 Joer an den Reichsarbeitsdienst mussten goen, wou sie a Projeten zu militärischen Zwecker bedeeligt gi sen.

Den 30. August 1942 goufen d'Letzebuerger van de Joergäng 1920-1924 an an de Joren dorno bis d'Joergäng 1927 an déi däitsch Arméi gezwongen. Dat wor eng schwierig perséinlich Entscheedung vun deem Eenzelnen. Entweder an de Kréich goen oder desertéiren a mat schwéierer Strof rechnen. An et woren na anner Konsequenzen do wéi d'Emsiedlung vun de Mêmberen van de Familljen.

Den 31. August 1942 koum et am Land zu engem Generalstreik wourop s iwwer 20 Lëtzebuerger um sou genannten Standgericht zum Doud verurteelt goufen.

No onméiglichen Zäiten a Joren van Terror a Leed ennert dem däitschen Nazi-Regime koum et den 10. September 1944 zu der Liberatioun.

Et woer nik fo langer Dauer well am Dezember van deemselwichten Joer woren se erem zréck an han sich hei an eisen Diärefer an der Ardenneroffensiv mat den Amerikaner gemossen, déi äis am Februar 1945 dunn definitiv befreit han.

Ma d'Konsequenzen woren dramatisch; Letzebuerg beklot 5700 Doudiger a vill Lékt, déi bis zum Enn van hirem Liäwwen mat kierperlichen an séilichen Sequellen hu mussen emgoen. Fir vill van hinnen wor hirt Heem fort an d'Familljen nik méi esou beieneen wéi dat virdrun de Fall wor.

Och hei zu Déierbich an an eiser Gemeng woren Doudiger an Blesséierter ze bekloen. Den Zaldot an der Front, den Zivilist heiheem am Kréich an dorno. An et gëtt na Lékt déi vermësst sënn an bis hokt nik méi zréckfond gi sënn.

Hinnen all sollte mer hokt Gedenken mat hiren Familljen. Et ass hiren aller Asatz deen äis eis Fräiheet zréckgiän hott.

An mer sollen besonnich déi Platzen wéi déi heiten bei desem Monument an Éieren halen.

Och sollten mer ëmmer ërem eis Jugendlich a Kanner heihënn invitéieren fir mat äis hei a batter Zäiten ze ërenneren a mat hinnen an all déi ze denken déi sich fir eis Fräiheet agesat hun an hirt Liäwwen gelossen hun.

Never again oder plus jamais ass ee Sproch deen een öfters op Monumenter besonnich a Konzentratiounslageren gesäit.

Eng Ausso déi d'Mënschheet ewer nik verstannen hott. Och no dem 2. Weltkréich hu well vill Mënschen hirt Liäwwen mussen loossen oder liewwen a Misère an Angst.

Weltwäit goufen a gin et vill Konflikter déi nik geléist kanne gin, och nik mam Asatz va ville Länner an internationalen Organisationen déi sich ëm de Fridden beméihen.

De Kréich an der Ukraine hott äis gewisen, datt mer an eise Géigenden och nik déi lest Sécherheet hun, datt et zu kenger neier konfliktueller Kréichssituatioun komme kann.

A bei der lester Eskalatioun am nohen Osten gesi mer, wat fir eng kompliézéiert Situatiounen et an eiser Welt gin, déi iwwer Generatiounen na nik geléist konnte ginn.

An ewer diärefe mer nik d'Hoffnung opgin datt et engesdachs besser kënnt goën an datt mer erem vo méi Fräiheet kanne schwätzen heiheem an dobaussen.

Och an eisem Land stellt een och mol alt méi Afeindungen fest. Rassismus an Antisemitismus gin all Dag kommentéiert. Loosse mer hoffen datt mer et fiärdig kreien engt respektvollt Mateneen ze schafen, wou een deem anneren séng Ansichten versteet an een deem anneren séng Stärkten an och séng Schwächten akzeptéiere kann.

Ee Merci geet an Eech all, Veräiner, Gesank, Musik, de Pompjeeën an de Resistenzorganisatiounen fir d'Gestaltung van deser Erennerungsfeier. Merci och dem Här Paschtouer fir d'Mass. Merci un déi di Monument sou schéin gerëst hun.

D'Feier hatt afgechloss mam Sangen van der Heemicht.

Text a Fotos : Jeff Engelen



# Fréiher an Hokt:






Léif Lékt aus der Geméng Wëntger,

Am Kader van dëser Rubrik siichen mer Fotos oder Postkaarten aus den fréiheren Joeren. Wann Dir esou Exemplaren hätt, wären mer frouh wann Där eis déi géift zur Verfügung stellen, mer géifen se dann kopéieren an Fotos man esou ewéi et hokt ausgesäit. Melden kann Där eech beim:

Jeff Engelen Tel: 621 22 69 19 oder Differding Basty Tel: 99 47 56.

Dës Foto gouf ons vam Marc Malget Helzen zoukommen geloos. Merci

Fer eist lokalhistorischt Archiv ze ergänzen sichen mer Postkarten, Fotos, Publikatiounen, Bicher asw.

**Mer sichen o aal Doudesbiller**

Van Veräiner, déi nik méi existéieren, versuergen mer o dës Archiven.

alles just aus der Geméng Wëntger

Tourismussyndikat Geméng Wëntger

Tel: 661 140 456 oder 621 22 69 19



# Kéisowend zu Heesdrëf









Org. Dammenturnveräin vu Wëntger

(een Fotoreportage vum Guy Scholzen)

**Garage Jacoby Déierbich**

# Virféierung van neien Läschmethouden betreffs Brand bei Elektro-Autos



E Samsdig, den 21. Oktober war am Garage Jacoby zu Déierbich éng Virféierung betreffs Läschen van Elektro-Autos. De Sven an de Gilles Jacoby hann déi eenzel Autoritéiten Wëllkomm geheescht, et waren dëst Vertrieter aus der lokaler Politik, Vertrieter vam CGDIS, eenzelen Assurancen asw.

Hokt sënn mer ëmmer méi gezwongen op den Elektro-Auto ëmzeklammen, dat bedingt awer o, datt mer eis mussen an déi nei Technologie betreffs dem Brand van éngem Elektro-Auto anhuelen. Wat man wann een Elektro-Auto brennt dobaussen op der Strooss ewéi o an éngem Garage resp. Déifgarage?

De Garage Jacoby van Déierbich ass deen éischten Garage am Land deen op déi 2 Varianten éng Äntwert hatt resp. Léisungen abikd. Een Safety-Box Systeem an éng Hebebühn- Technik fer den brennenden Elektro-Auto aus der Garage eraus ze féieren.

Der offizieller Statistik no breent een Elektro-Auto nik méi daks ewéi een Verbrennerauto. Viraf muss een awer wassen, datt bei éngem Brand van éngem Elektro-Auto éng aner Technik muss agewend ginn ewéi beim Brand van éngem Verbrennungsmotor. Beim Brand van éngem Verbrennerauto ass et gedoen wann een dem Feier de Sauerstoff entzitt duerch Läschschaum. Dëst ass da bannent Minuten erledigt. Mee bei éngem Elektro-Auto ass dat aneschters: Béi dësen Lithium-Ionen Batterieën ass d'Waasser déi geeëgent Methode fer ze läschen, et ass nik gedoen mam erstécken van den siichtbaren Flamen. Den Hannergrond beim Brand van énger Batterie ass bannenan an zwar ass hei een Domino-Effekt; wou de Brand an der Batterie van énger Zell op déi aner eriwer spréngt. Fer dëst ze läschen hëlleft nëmmen Killen mat Waasser; wat awer éng langfristig Léisung mat sech bréngt; dat wëllt soen ee gréisseren Zäitobwand. Duerno muss dat Gefier op d'mannst 24 h iwerwacht ginn. Do derbäi mussen o d'Sëcherheetsafstänn ronderëm garantéiert ginn ewéi z.B. am 10 Meter Raum do däerf näischt stoen.

Fer dësen Fakten gerecht ze ginn hatt d'Firma Paul Müller sech dëser Sach ageholl a se hann een Containersysteem entwéckelt, déi sougenannt Safety-Boxen. Dëse Systeem erlaabt een Méi-Säitigen Asatz éngerseits kann een van hannen era fahren oder wann dat nik méi méiglich ass kann den E-Auto mëttels



énger Seelwann eragezugen ginn oder anerersäits kann o den E-Auto mat éngem Kran an de Container eragesaat ginn. Dëse Container kann bis zu énger Héicht van 80 cm mat Waasser gefëllt ginn, dat ass héich genou fer d'Batterien van E-Autos ënner Waasser ze setzen. Dat ganzt gëtt afgedeckt uewen mat Stolblech an seitlich mat énger feierfester Batsch. Den Aftransport vam Container selwer ass méiglich iwer éngem normalen Camion-Containersyseem an et brauchen o no baussen wékder kéng Sëcherheetsafstänn respektéiert ze ginn.

Een matgeliwwerten Müller Safety-Monitoring erlabt d'Iwerwachung van der Temperatur, Dampgasen oder dem Kuelenmonoxid an dat alles gëtt o digital festgehalen. Am Fall van énger Iwerschreitung van der erlabter Norm ginn Meldungen an 5 Telefonsnummeren, éng E-Mail gëtt gesend an et gëtt een akustischen Alarm ausgeléist beim Container.

Aschléissend gouf een Systeem virgestallt, deen et erlabt E-Autos aus égal wéi énger Garage erauszehuelen. Dëst ass een elektrischen ferngesteierten Roboter, dee bis zu éngem Afstand van 85 Meter kann bedingt ginn. Dëse kann ee Gewicht ophuelen bis zu 3 500 Kilo. Hee besteet aus zwee Deeler, vergleichbar mat éngem Sadel-Camion. Den Elektro-Trakter op Ketten ziit een Anhänger, deen d'Méiglichkeet abikd ënner een Auto durchzefahren an dësen anzehiewen bis op 70 cm. Héichstgeschwindigkeet van dësem Gefier ass 3,5 Km/h a kann Steigungen bis zu 18% iwerwannen.

Déi offiziell Müller Safenty-Box war domatt an de Garage Jacoby iwerginn, mee moijes krutt d'Personal vam Garage Jacoby éng détailléiert Schulung van akzidentéierten Elelektro-Autos. Aschléissend hatt d'Famill Jacoby op ee Pättchen an ee Maufel invitéiert begleed van eenzelen Fachgespréicher zu dëser Technologie.

Text a Fotos: Jeff Engelen







Niewenbäi gouf o dësen Läschsysteem van der Firma Müller virgestallt: Eng Lithium-Batterie gëtt an een kléngen fahrbaren Container gelaagt, duerno gëtt Extover (Läschgranulat) entweder drop geblosen oder awer einfach een Sack van dësem Granulat drop gelaagt.

Duerno gin Deckelen verschloss. De Granulat verglast bannen kurzer Zäit ëm de Brand a verschmëlzt zu éngem Klomp.

Duerno kann dee Klomp einfach entsuergt ginn, mee de restlichen Granulat bleiwt brauchbar fer een nächsten Asatz.


Kreschtmaart zu Niederwampich
02. Dezember 2023
10:00 – 18:00 Auer
Braucht Dir na een Kaddo? Oder een Arrangement?
Oder wëllt Dir einfach puer gemittlech Stonnen verbréngen, ma dann kommt gären bis laanscht.
Kommt alleguer eis Ausstëller bewonneren an genéißt bei engem Glühwein an engem Maufel déi schéin Atmosphère
Um 15:00 Auer kënnt den Kleeschen bis laanscht kuken an verdëelt Tuten
Org. Supporter Club Wëntger


PASSION CAR
REPARATIONS ET VENTES TOUTES MARQUES
Tel: +352 26 62 02 33
Pneus toutes Marques
Réparation et entretien
Service rapide et compétent
Voitures d´occasion
Passion Car S.A R.L-S
8, Om Allerburrer Knapp
L-9752 Hamiville (Heesdref)
Luxembourg
facebook
www.passioncar.lu
info@passioncar.lu


IHR FACHBETRIEB
RUND UM BETON
Beton
Straßen, Tiefbau & Infrastrukturen
Außenanlagen
Entreprise Weber & Cie Sàrl | 24, Marburgerstrooss | L-9764 Marnach | T: +352 92 15 55
BETON-WEBER.LU
MADE IN LUXEMBOURG

# Marche Gourmande zu Houfelt

E Sonndig den 24. September 2023 wor déi 8. Marche Gourmande zu Houfelt. Bal 500 Lékt waren eiser Aladung nokomm an hinnen all wëllen mer een häerzliche Merci soen. D'Qualitéit no Hausmacher Art gouf o dës Kéier héich gehalen. Do derbäi hatt dëst Joer d'Wieder sech van sénger bester Säit gewisen, wat déi ganz Organisatioun dann o méi agréabel mécht. Merci wëlle mer o soen den Helzer, Houfelter a Weiler Veräiner, dat sënn Klunschkäpp, Pompjeeën, d'Jeunese an de Sparveräin plus de Wëntger ASW Supporterclub, si hann zesammen mam Wëntger Tourismussyndikat fer éng exemplarisch Gastronomie gesuergt, an den Lékten no ze urdeelen waren se all zefridden.

Ee Fotoreportage vam Guy Scholzen an Jeff Engelen :



D'Pompjeeën van HHW waren responsabel fer den Kaffi/Croissant an den Dessert.



D'Jeunesse hatt den Aperitif mat Häppercher zervéiert



Bei der Entrée zervéiert vam Wëntger Tourismussyndikat







van Menü zu Menü hatt mussen getréppelt ginn







Bei der Zopp; zervéiert vam Sparveräin



geselligen Austausch ënnerwee,
éng Bereicherung bei ënger
Marche Gourmande

beim Haaptmenü, responsabel
d'Houfelter Klunschkäpp















beim Kéis,
Responsabel den ASW
Supporterclub

Beim Liewenswaasser







Den Dessert gëtt zervéiert



Zefridden Gesichter

115

TOITURES MUTSCH S.A.
DEPUIS 1908
ASSELBORN















- CONSTRUCTION D'ECHAFAUDAGES
- RAMONAGE & TUBAGE INOX
- ATELIER DE REPOUSSAGE
- FERBLANTERIE
- COUVERTURE
- CHARPENTE



info@toitures-mutsch.lu
www.toitures-mutsch.lu

Tél.: +352 99 75 91
Fax: +352 99 77 27

32, op der Strooss
L - 9940 Asselborn

LU 1987 3486




4, ZAE Route de Bettel
L-9415 Vianden

info@osch.lu

+352 83 41 41 - 1

www.osch.lu

## GESTION DES DÉCHETS

Osch est un partenaire fiable pour un environnement propre. Transport de déchets recyclables, d'emballages, de papiers, de verres ou de déchets ménagers, pour professionels et particuliers.






## GARAGE

### ENTRETIEN / SAV

Osch vous propose un plan de service et d'entretien complet et professionnel pour tout véhicule industriel.

### VENTE / LOCATION

Osch vous propose des solutions de qualitées, sur mesure et adaptées aux besoins individuels.

## CLÔTURES

Que vous recherchiez une clôture métallique, une protection visuelle ou une clôture pare-ballon, Osch vous fourni le bon produit, pour professionels et particuliers.





## ELECTRICITÉ

Osch vous propose des portails électriques innovants et modernes ainsi que des bornes de sécurités pour particuliers et professionels.

OSCH Votre partenaire qui allie tradition et idées novatrices OSCH

# Sportlerehrung zu Wëntger

Den 22. September war d'Sportlerehrung zu Wëntger am Centre culturel.

Geéihert gin sin all déi Sportler, déi an der Saison 2022-2023 eng Podium Plaaz gemaach hun bei engem nationalen Event resp. Equipen déi den Opstieg gepackt hun.

D'Anouk Miny (Foto) huet duerch den Owend gefouert an et war schéin ze gesin wéivill Sportler deen Owend do waren.

Sie all kruuten vum Sportschäffen Christophe Arend hieren Diplom an en klengen Kado iwwerreecht. Zum Schluss huet den Buergermeester Luss Meyers (Foto) dem Aarbeschtsgrupp Sport Merci gesoot fir d'Organiséieren vum Owend. Hien huet sech och erfreet gewisen wéivill Sportler den Numm vun der Wëntger Gemeng dobaussen vertrieden an huet och nach mol op d'Wichtegkeet vum Bénévolat am Sport hingewisen.
Den Owend gung op en Enn mat engem Patt.

Merci dem Fern Arend fir déi flott Fotoën.

Wann Dir nach méi Fotoen wëllt gesin vun deem Owend, gidd gäeren op der Facebook Sait vun „Fit a gesond Wëntger" laanscht.



Arbechtsgrupp Sport





2. Equipe ASW



Anouk Miny



1. Equipe ASW



Cadets ASW



Cadets DTW



CIS Wëntger



DTW



Eric Frantz (Bouhschéissen)



Gefëllte Sall



Jill Molitor (Danzen)



Judo



Keeleclub Et geet näicht mat Déierbich



Louis Eschette (Schwammen)



Luss Meyers (Buergermeester)



Minimes ASW



Ronny Kontz (Special Olypmpics)



## Eierung vun den verdingstvollen Sportler aus der Gemeng Wëntger

| | | |
|---|---|---|
| Jill Molitor | Turnen | Concours des Vainqueurs 1. Plaaz Kategorie B Joergang 2012 |
| Ronny Kontz | Special Olympics | Goldmedaille Special Olympics World Games 10.000m |
| Louis Eschette | Schwammen | Championnats nationaux d'hiver et championnat des Jeunes<br>1. Plaaz am 100m Butterfly<br>2. Plaaz am 100, 200 an 400 mFreestyle, 200 m Butterfly an 400m Medley<br>Luxembourg Nationals and Masters Nationals<br>1. Plaaz 400m Freestyle<br>2. Plaaz 100m Freestyle<br>3. Plaaz 200m Freesyle an 200m Medley<br>Categorie Open: 3. Plaaz an der Staffel 4x100m Freestyle |
| Eric Frantz | Bouhschéissen | Championnats nationaux de tir en campagne<br>2. Plaaz<br>Championnats nationaux Outdoor<br>3. Plaaz an der Kategorie Compound Veteran Häeren (+50) |
| **Pompjeën CIS Wëntger** | | |
| Noah Schmit | | Goldmedaille um Crosslaf zu Waiswampech (Bambini) |
| Maurice Thill | | Bronzemedaille um Crosslaf zu Waiswampech (Minimes) |
| Yves Lipperts | | Goldmedaille um Crosslaf zu Waiswampech (Veteran 2) |
| Keeleverain „Et geet naischt mat Déierbech“ | | Opstieg aus der Eierenpromotioun 3. Bezierk |
| **Judo Wëntger** | | Championnats nationaux |
| Bryan Gomez | | 1 Plaaz U9 |
| Beby Kieffer | | 2.Plaaz U9 |
| Luisa Keipes | | 3. Plaaz U9 |
| Philippe Nolan | | 1. Plaaz U9 |
| Gabriel Marinho | | 3. Plaaz U11 |
| Hussein Al Isawi | | 3. Plaaz U11 |
| Saisi Amin | | 3. Plaaz U11 |
| Clément Lucas | | 3. Plaaz U11 |
| Ilay Philippe | | 2. Plaaz U11 |
| Xénia Arend | | 2. Plaaz U11 |
| Charleen Serrig | | U13 1. Plaaz -32kg |
| Mehmed Jusofovic | | U13 2. Plaaz - 30kg |
| Imram Jusofovic | | U13 2. Plaaz - 50kg |
| Thierry Neu | | U13 3. Plaaz -38kg |
| Philippe Schares | | U13 3. Plaaz -42kg |
| Adam Ajdinovic | | U13 1. Plaaz -66kg |
| Maja Standkiewicz | | U15 2. Plaaz -36kg |
| Manon Couque | | U18 1. Plaaz -57kg |
| Darlène Nghufang | | U18 1. Plaaz - 70kg |
| Ebby Bendels | | U18 2. Plaaz -70kg |
| Emily Spaus | | U18 2. Plaaz +70kg |
| Jérémy Valentin | | U18 3. Plaaz -73kg |
| Kris Clees | | Seniors 3. Plaaz -73kg |
| **AS Wëntger** | | |
| Minimes | | Opsieg an Class 3 Serie 1 |
| Cadets | | Opsieg an Class 3 Serie 1 |
| 2. Equipe | | Opstieg als Champion vun der Klasse 3 an d'Klass 2 bei den Seniors Reserven |
| 1. Equipe | | Opstieg als Champion vun der 2. Divisioun an déi 1. Divisioun |
| **DT Wëntger** | | |
| 3. Equipe Seniors | | Opstieg an déi 3. Divisioun<br>Roby Post, Christian Lis, Jos Winkin, Daniel Remy, Pit Sinner, Anouk Miny |
| 1. Cadet Equipe | | 1. Plaaz an der 5. Divisioun<br>Andy Hebertz, Rafaël Van Mierlo, Joé Schmitz, Stefan Reff, Jo Thill, Max Kremer |
| Max Schweich | | 3. Plaaz Regionalmeestershaften Eenzel Kat. D2/D3 |
| Jonas Andrzejewski | | 3. Plaaz Regionalmeesterschaften Eenzel Kat. A/B1 |
| Daniel Bertemes | | 3. Plaaz Landesmeesterschaften Kategorie B Häeren Eenzel |
| Lynn Stoltz | | 1. Plaaz Landesmeesterschaften Kategorie C Dammen Dubbel |
| Eric Glod | | Landesmeester am Haëren Eenzel an Häeren Dubbel<br>Goldmedaille am Dubbel bei den Spiller vun de klengen Länner<br>Sëlwermedaille am Eenzel bei den Spiller vun de klengen Länner<br>Sëlwermedaille an der Equipe bei den Spiller vun de klengen Länner |

Houfelt

# 9 Mënschen verschleeft an ni erëm fond!



E Sonndig, den 1. Oktober war zu Houfelt déi dësjährig Erënnerungsfeier fer déi 9 Verschleeft aus dem Kréich, wou bis hokt na keen wees wat mat hinnen geschikt ass resp. wou si begrawen leien oder wéi si gestuerwen sënn. De Paschtouer Henri Hamus hatt zu den Affer hirem Andenken d'Mass gefeiert an dës gouf gesanglich enkadréiert vam Männerchouer van Helzen, Houfelt a Weiler. No der Mass gong et bei d'Denkmal wou déi offiziell Gedenkzerrmonie gehalen gouf.

Am Nam van de betraffenen Famillen an Organisateur van dëser Feier hatt de François Theis d'Wuert an déi Betraffen geriit. Begréisst gouwen Memberen vam Wëntger Schäffen- a Geméngerot, Vertrieter van den Veräiner, Résistenzorganisatioune an der Wëntger Musik.

„ Et senn elo baal 80 Joer hier, et wor am kaale Wanter 1944-45 mat Meter héichem Schnéi, dun as hei an den Dierfer Helzen an Houffelt, Schreckleches geschikt. Deemols mussten 9 Lëtzeburger, ouni Ursach an den Doud goen. Sie gouffen aus hire Familljen erausgerappt, verschleeft, kee wees wouhinn an op waat fir eng Manéier sie embracht goufen; wou hir Leichen deemols am héihe Schnéi hënkomme senn. Kee Kreiz steet op dem Lach wou si drann leien wann sie iwerhaapt begrawe goufen. Sie woren 5 Männer an 4 Fraen, derbei e Meedchen van 16 Joer. Hiir Nimm an Alter stinn hei op dëser Plaque. Sie all haten Familljen, sou wie mer och. Sie haaten Geschwester, Frenn, Kolléjen. 2 van de Männer han drop gewaart fir Afanks des Neie Joer Papp ze gienn. Et ass wichteg, dat mer all Joer hei hi kommen fir an die Verschleeft ze denken . Ich soen de Familjen an alle Bekannten van den Affer MERCI fir dat sie emmer heihenn kommen an mat der Traditioun van desem Gedenkdag vira fahren. Mer därfe nek vergëssen, eis Kanner mat an des Feier an zebannen.

